adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 MARS 2018
3699

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) un d'Madamm Ëmweltminister, d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Minister fir Landwirtschaft a Konsumenteschutz weiderzeleeden.

De Skandal vum Baaschtnecher Schluechthaus huet europawäit fir Opreegung gesuergt. Wéineg gewosst ass, datt dat Schluechthaus och d'Fleesch vum Lëtzebuerger Label „Naturschutz Fleesch" verschafft, deen der Lëtzebuerger Ëmweltverwaltung gehéiert. An deem Kontext wéilt ech der Madamm Ëmweltminister, der Madamm Gesondheetsminister an dem Här Minister fir Landwirtschaft a Konsumenteschutz eng Rëtsch Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt d'„Naturschutz Fleesch", ënnert dem Label vun der Lëtzebuerger Ëmweltverwaltung, zu Baaschtnech am Schluechthaus geschluecht ginn ass?
2. Ass dat de Grond, firwat beim „Naturschutz Fleesch" e relativ laangen Transport vu 90 Minutte bis bei d'Schluechthaus virgesinn ass?
3. Ass d'Wiel vum Baaschtnecher Schluechthaus haaptsächlech aus Käschtegrënn geschitt?
4. Wat fir aner Grënn gouf et, datt d'Fleesch mat engem Lëtzebuerger Label net an engem Lëtzebuerger Schluechthaus geschluecht ginn ass?
5. Wat fir konkret Grënn hu géint d'Wiel vun engem Lëtzebuerger Schluechthaus geschwat?
6. Am Laaschtenheft fir de Label „Naturschutz Fleesch" ginn op 24 Säite plus Annexen genee d'Kontrollen an Oplage beschriwwen, fir datt ee kann de Label „Naturschutz Fleesch" kréien. Kënnen déi Dammen an Häre Ministeren eis eng genee Oplëschtung vun de Kontrolle maachen, déi am Kader vu Label-Aktivitéiten zu Baaschtnech gemaach gi sinn?
7. Wéi ass ze erklären, datt bei deenen ausféierleche Kontrollen, déi am Laaschtenheft festgeluecht sinn, keng Onregelméissegkeete vun de Lëtzebuerger oder vun der Lëtzebuerger Ëmweltverwaltung ugestallte Kontrolleure konnte festgestallt ginn?
8. Wéi en „neutralt agreéiert Organ" war fir déi Kontrollen zoustännech?

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

**Le caractère urgent de la question a été reconnu (14.03.18)**

9. Wat bedeit „neutral" an dësem Kontext? Muss et sech ëm e net staatleche Labo handelen?
10. Ass de Verkaf vum „Naturschutz Fleesch" duerch dëse Skandal a Fro gestallt oder sinn an nächster Zäit Liwwerschwieregkeeten ze erwaarden?
11. Wéi vill Fleesch vu Produzente vum Naturschutz-Label war zu Baaschtnech am Schluechthaus fir geschluecht ze ginn oder scho geschluecht, wéi de Skandal publik ginn ass?
12. Wat geschitt mat deem Fleesch, wat zu Baaschtnech geschluecht ginn ass a wat entweder schonn zu Lëtzebuerg am Verkaf ass oder nach zu Baaschtnech an de Killraim houng?
13. Wat bedeit d'Associatioun vun de Nimm vum Schluechthaus vu Baaschtnech a „Naturschutz Fleesch" u Schued fir de Lëtzebuerger Label?
14. Denkt d'Madamm Minister drun, fir d'Lëtzebuerger Produzenten ze entschiedege fir den eventuelle Schued, deen duerch d'Wiel vun engem Partner am Kader vum Label „Naturschutz Fleesch" entstanen ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**NOUVELLE VERSION**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Département de l'environnement

Luxembourg, le 15 mars 2018

**Service central de législation**
**Monsieur le Ministre aux Relations**
**avec le Parlement**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 MARS 2018

Références : CD/yd
Dossier suivi par : André Weidenhaupt
Tél. +352 247-86820
E-mail : andre.weidenhaupt@mev.etat.lu

**Objet :** Question parlementaire n°3699

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe une version rectifiée de la réponse à la question parlementaire no 3699 de l'honorable députée Monsieur Fernand Kartheiser, dans laquelle une erreur matérielle a été éliminée, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre de l'Environnement,

Camille Gira
Secrétaire d'Etat

08-20040525-FR

**Äntwert vun der Ëmweltministësch, vun der Gesondheetsministësch a vum Minister fir Landwirtschaft, Wainbau an Verbraucherschutz op d'parlamentarësch Ufro n°3699 vum honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Virweg, e puer Informatiounen zum Label Naturschutzfleesch: De Label gehéiert net der Natur- a Forstverwaltung (déi vum honorablen Deputéierten fälschlecherweis als Ëmweltverwaltung bezeechent gëtt), mee enger Produktiounsgenossenschaft (Erzeugergenossenschaft Label Naturschutzfleesch). D'Äntwerten op d'Froën vum honorablen Deputéierten baséieren also op Informatiounen vun dëser Genossenschaft.

***1. Ass et richteg, datt d'„Naturschutz Fleesch", ënnert dem Label vun der Lëtzebuerger Ëmweltverwaltung, zu Baaschtnech am Schluechthaus geschluecht ginn ass?***

De Label Naturschutzfleesch gouf den 8. Februar 2018 der Produktiounsgenossenschaft Naturschutzfleesch S.C. iwwerginn, a gehéiert net der Natur- a Forstverwaltung.

Et ass richteg, dass Ranner vum Label Naturschutzfleesch, sou wéi och anert lëtzebuerger Véih am Schluechthaus zu Baaschtnech geschluecht gouf. Am Ganzen goufen am Verlaf vun 2017 1400 Ranner vu lëtzebuerger Betriber zu Baaschtnech geschluecht (dovun 230 ënnert dem Label Naturschutzfleesch).

***2. Ass dat de Grond, firwat beim „Naturschutz Fleesch" e relativ laangen Transport vu 90 Minutte bis bei d'Schluechthaus virgesinn ass?***

90 Minuten Transportzait ass ee realistësche Wäert. D'Schluechthaus zu Baaschtnech ass fir vill lëtzebuerger Bauren net méi wait fort, wéi aner Standuerter zu Lëtzebuerg.

***3. Ass d'Wiel vum Baaschtnecher Schluechthaus haaptsächlech aus Kaschtegrënn geschitt?***

Nee.

***4. Wat fir aner Grënn gouf et, datt d'Fleesch mat engem Lëtzebuerger Label net an engem Lëtzebuerger Schluechthaus geschluecht ginn ass?***

***5. Wat fir konkret Grënn hu géint d'Wiel vun engem Lëtzebuerger Schluechthaus geschwat?***

An der Opbauphase vum Label Naturschutzfleesch gouf des öfteren an noweislech matt geeegente Lëtzebuerger Schluechthaiser verhandelt. Matt kengem lëtzebuerger Schluechthaus konnt eng Léisung fonnt ginn, d'Naturschutzfleesch komplett ze verschaffen. Et gouf just d'Verschaffen vun den Edelstécker ugebueden.

An der Ufangszait (2013/2014) gouf d'Fleesch a Lëtzebuerg geschluecht an och verschafft. Opgrond vu Qualitéits-, Kapazitéits- an Liwwerproblemer gouf dunn ab Mäerz 2015 d'Schluechten an d'Verschaffen op Baaschtnech verluecht.

***6. Am Laaschtenheft fir de Label „Naturschutz Fleesch" ginn op 24 Säite plus Annexen genee d'Kontrollen an Opiage beschriwwen, fir datt ee kann de Label „Naturschutz Fleesch" kréien. Kënnen déi Dammen an Hare Ministeren eis eng genee Opläschtung vun de Kontrolle maachen, déi am Kader vu Label-Aktivitéiten zu Baaschtnech gemaach gi sinn?***

D'Kontrollen, déi vum Laaschtenheft vum Label virgesi sinn, goufen alleguer duerchgefouert. Wat aner Label-Aktivitéiten zu Baaschtnech betrëfft, hu mir kéng Informatiounen.

***7. Wéi ass ze erklären, datt bei deenen ausféierleche Kontrollen, déi am Laaschtenheft festgeluecht sinn, keng Onregelméissegkeete vun de Lëtzebuerger oder vun der Lëtzebuerger Ëmweltverwaltung ugestallte Kontrolleure konnte festgestallt ginn?***

Nom aktuelle Wëssensstand vun der Genossenschaft, ass de Label Naturschutzfleesch net betraff. All d'Aktivitéiten an d'Produkter am Kader vum Label sinn an der Rei.

***8.Wéi en „neutralt agreéiert Organ" war fir déi Kontrollen zoustannech?***

D'Kontrolle gi vum dofir zougeloossene Kontrollorganismus CERTIPAQ - Organisme certificateur associatif (F-75015 Paris – 11, Villa Thoreton) duerchgefouert. Dësen Organismus kontrolléiert och aner lëtzebuerger Produkter a Labels.

***9. Wat bedeit „neutral" an dësem Kontext? Muss et sech ëm e net staatleche Labo handelen?***

Neutral bedeit an dësem Zesummenhang, datt et sech ëm ee Kontrollorganismus handelt deen a kenger Verbindung zum Label steet an dohier d'Kontrollen also onofhängeg ka maachen. Et ass normal fir een unerkannten an onofhängege Kontrollorganismus mat sou Kontrollen ze beoptragen.

***10. Ass de Verkaf vum „Naturschutz Fleesch" duerch dëse Skandal a Fro gestallt oder sinn an nächster Zait Liwwerschwieregkeeten ze erwaarden?***

Generell ass de Verkaf vum Naturschutzfleesch net a Fro gestallt. Well awer den Atelier de découpe vum Schluechthaus sain Agrément entzunn krut, gouf direkt no der Publikatioun vum Skandal d'Naturschutzfleesch aus de Rayonen geholl.

Aktuell verhandelt d'Genossenschaft vum Naturschutzfleesch matt anere Betriber. Bis eng Léisung fonnt ginn ass, gëtt de Verkaf weiderhinn ausgesat.

***11. Wéi vill Fleesch vu Produzente vum Naturschutz-Label war zu Baaschtnech am Schluechthaus fir geschluecht ze ginn oder scho geschluecht, wéi de Skandal publik ginn ass?***

Vue dass d'Ofhänke beim Naturschutzfleesch verglaichbar laang ass (2-3 Wochen), woren zum Zaitpunkt vun der Publikatioun vum Skandal 5-6 Béischten aus dem Label Naturschutzfleesch zu Baaschtnech.

***12. Wat geschitt mat deem Fleesch, wat zu Baaschtnech geschluecht ginn ass a wat entweder schonn zu Lëtzebuerg am Verkaf ass oder nach zu Baaschtnech an de Killraim houng?***

All d'Naturschutzfleesch, war direkt nom Skandal reng präventiv aus de Regaler geholl ginn.

***13. Wat bedeit d'Associatioun vun de Nimm vum Schluechthaus vu Baaschtnech a „Naturschutz Fleesch" u Schued fir de Lëtzebuerger Label?***

Ee Feeler vu Saite vun de Verantwortlëche vum Label lait net vir. Domatt kann dem Label och naischt ugelaascht ginn.

Generell ass an dësem Kontext ze soën, datt d'Regierung den Asaz vu mobile Schluechthaiser préift, déi grad fir d'Schluechten vu Ranner ënnert dem Label Naturschutzfleesch kéinte genotzt

ginn, déi jo am Kader vu Ganzjoresbeweedungsprojeten agesat ginn. Dës bedeit manner Stress fir d'Déieren a bidden dem Konsument eng besser Fleeschqualitéit.

***14. Denkt d'Madamm Minister drun, fir d'Lëtzebuerger Produzenten ze entschiedege fir den eventuelle Schued, deen duerch d'Wiel vun engem Partner am Kader vum Label „Naturschutz Fleesch" entstanen ass?***

Nee, dës Fro stellt sech net.